ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

**Groupe parlementaire**

Här Mars di Bartolomeo

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20. Abrëll 2015

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madame Ëmweltminister weiderzeleeden.

Op der fréierer Deponie Fridhaff soll eng Gasfaackel d'Gaser evakuéieren, déi bei der Zersetzung vum Offall entstinn. Iwwer déi Prozedur an iwwer déi weider Notzung vun der Deponie hunn ech e puer Froen un d'Madame Ëmweltminister:

1. Nuets ass dacks keng Flam un der Faackel op der Deponie Fridhaff ze gesinn. Fällt déi Anlag dacks aus, oder wat ass de Grond, firwat d'Faackel net brennt?
2. Wat fir Gasquantitéite bilde sech an der Deponie (Kubikmeter/Stonn)?
3. Et héiert een, datt d'Deponie an Zukunft eventuell soll fir Bauschutt genotzt ginn. Solle wierklech 350.000 Kubikmeter Bauschutt op Fridhaff kommen?
4. Ass déi Moossnam verbonne mat enger neier Sécherheetsanalys (Standsicherheitsuntersuchung), besonnesch och, wann ee bedenkt, datt d'Press schon am Mee Rësser op der Anlag gemellt hat?

Mat déiwem Respekt,

Gast Gibéryen
Deputéierten